N° 2267
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Am Februar gouf bekannt, dass d'Sécherheetsfirma *Protection Unit,* déi nach de Mount selwer ee Kontrakt mat den CFL verlängert hat, hir Aktivitéiten zu Lëtzebuerg géif astellen.

Dës Situatioun huet vill Froen opgeworf, notamment firwat déi Responsabel bei den CFL bei der Kontraktverlängerung net Bescheed wossten oder et keng Roll gespillt huet, dass d'Firma puer Deeg drop beim Geriicht eng *procédure de réorganisation* géif ufroen.

An der Äntwert op meng virëg parlamentaresch Fro № 1906 huet d'Mobilitéitsministesch erklärt, dass d'CFL d'Situatioun mat hirem externe Sécherheetsdéngscht am A behalen an déi néideg Mesuren huelen, fir d'Sécherheet vu Voyageuren a Personal net ze gefärden.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch präzis erklären, wéi eng konkret Servicer Protection Unit am Kader vum Kontrakt mam CFL ofdeckt (Zich, Garen, strategesch Plazen, mobil Missiounen, etc.)?

2. Ginn et scho Reduktiounen oder Ausfäll an de Leeschtungen, déi d'Firma fir d'CFL prestéiert? Wa jo, wéini goufen dës observéiert a wéi goufen dës kompenséiert?

3. Protection Unit hat de 4te Februar kommunizéiert, dass si schonn zënter Méint un engem Réckzuch aus dem Lëtzebuerger Maart schaffen. Kann d'Ministesch ausschléissen, dass d'Firma den CFL bewosst näischt iwwert déi wirtschaftlech Problemer matgedeelt huet an ass d'Déclaration d'Honneur deemno falsch?

4. Wéi gesäit de sougenannte Plang B konkret aus, falls Protection Unit seng Missiounen net méi erfëlle kann? Wat geschitt bei enger Faillite? Wéi garantéiert CFL, dass d'Sécherheet ouni Ënnerbriechung assuréiert bleift?

5. Wäerten d'Agenten vun Protection Unit direkt an eng CFL-Filial oder Deelstruktur integréiert ginn? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten